N° 4
Entrée le 24.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 25.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel Wolter
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

D'Administration de la nature et des forêts (ANF) këmmert sech ënnert anerem ëm verschidden Aspekter vum Natur- an Ëmweltschutz an ëm eng nohalteg Gestioun vun de Bëscher. Dobäi muss si a verschiddene Fäll op d'Aarbecht vu private Firmen zeréck gräifen. Fir Projeten, déi méi ëmfangräich sinn, ginn dofir ëffentlech Ausschreiwung gemaach, esou wéi déi europäesch Reegelen iwwert d'Marchés publics an déi national Gesetzer et virgesinn. Bei méi klenge Projeten si keng Ausschreiwungen néideg.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Bei wéi ville Projeten, déi d'ANF an Optrag ginn huet, goufen an de leschte fënnef Joer ëffentlech Ausschreiwunge gemaach?
   Wéi vill dovu waren national a wéi vill europäesch Prozeduren?

2. Bei wéi ville Projeten, déi d'ANF an Optrag ginn huet, goufen an de leschte fënnef Joer keng ëffentlech Ausschreiwunge gemaach?
   Wéi vill dovu ware jeeweils procédures négociées avec ou sans publication d'avis, procédures restreintes sans publication d'avis oder Marchéeën, déi fräi vergi goufen?

3. Wéi eng Entreprisen waren an de leschte fënnef Joer déi fënnef gréissten Optragsnehmer vu Projeten ouni ëffentlech Ausschreiwungen?
   Wéi vill Opträg hunn déi fënnef gréissten Optragsnehmer krut a wéi vill Euro sinn un déi eenzel Firmen ausbezuelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Ben POLIDORI
Député